PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

An engem Noutfall ass et wichteg, dass d'Membere vum Rettungsdéngscht a beschter gesondheetlecher Verfassung sinn. Fir sécherzestellen, dass d'Membere vum CGDIS sech wärend den Asätz net selwer a Gefor bréngen, mussen si sech dofir gewësse medezinesche Kontrollen ënnerzéien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Analyse gi beim CGDIS gemaach, fir de gesondheetlechen Zoustand vum Corps ze ermëttelen?

2. Wéi eng Wäerter muss eng Persoun bei dësen Analysen erreechen, fir als vollstänneg asazfäeg ze gëllen?
   Wéi eng Wäerter kënnen zu engem Ecartement aus dem aktiven Déngscht féieren?
   Huet sech mat der Grënnung vum CGDIS eppes un dëse Wäerter fir d'Fräiwëlleger geännert par Rapport zu virdrun?

3. Ass et richteg, dass säit der Grënnung vum CGDIS méi Persounen der Kategorie vum "Pompier de support" zougeuerdent ginn, well ëmmer méi Persounen an de medezinesche Kontrollen Opfällegkeete weisen?

4. Persounen, déi de contrôle medical beim CGDIS net bestinn, däerfen oft z. B. net méi op Ambulanze fueren oder un Asätz mat Otemschutzmasken deelhuelen. Ass et richteg, dass sech fir verschidden Zentren doduerch rezent Problemer erginn, well net méi genuch Leit vollstänneg asazfäeg sinn?
   Falls jo: wat huet d'Regierung dësem Problem entgéint ze stellen?

5. Gëtt de BMI bei der medezinescher Analyse vum CGDIS consideréiert?
   Ginn Zousätzlech Indexen, wéi z. B. d'Waist-to-Height-Ratio oder de BSI (Body Shape Index) consideréiert?
   Falls nee, wisou net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député